N°1927
Entrée le 12.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Wéi d'Press gemellt hat, gouf et zu Réimech ee schwéieren Accident, wou ee Foussgänger vun engem Camion ugestouss gouf an nach op der Plaz gestuerwen ass.

Zënter dass d'Camionen d'Opfaart fir op A13 net méi dierfen notzen, ass d'Trafficssituatioun am Zentrum vu Réimech iwwert Jore méi schlëmm ginn, well honnerten Camionen pro Dag duerch Réimech fueren, fir d'Nationalstrooss ze benotzen, fir schlussendlech dann d'Autobunnsopfaart zu Mondorf eropzefueren.

Den Accident ass am Stadzentrum vu Réimech virgefall an et war net deen Éischten. A menger parlamentarescher Fro n°6331 virun 3 Joren hat ech schonns op d'Situatioun zu Réimech higewisen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wäert d'Ministesch d'Autobunnsopfaahrt Réimech/Schengen fir op d'A13 erëm opmaachen, fir esou de Camionstraffic duerch Réimech ze reduzéieren?
   Falls nee, wéi eng Moossnahmen wäerten elo geholl ginn, fir den Zentrum vu Réimech verkéierstechnesch endlech méi sécher ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten